N°3175
Entrée le 05.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°3175 vum 11. November 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert « Utilisation de pneus toutes saisons en hiver».**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert d'Benotzung vun All Weather Pneuen am Wanter.

**1. Ass d'Ministesch sech bewosst, dass de Bremswee mat engem All-Weather-Pneu ouni Schnéiflackesymbol, jee no Nidderschlag an Temperaturen, méi laang ass, wéi bei engem anere Pneu?**

De Bremswee mat engem All-Weather-Pneu ouni Schnéiflackesymbol ka jee no Wiederkonditiounen an Temperaturen eventuell méi laang si wéi bei engem Pneu mat 3PMSF-Zertifizéierung (Schnéiflacksymbol). Dat ass awer net onbedéngt eng absolut Realitéit, well All-Weather-Pneuen e bewosste Kompromëss duerstellen. Si sinn entwéckelt fir eng ganzjäreg Notzung an erméiglechen eng equilibréiert Leeschtung bei verschiddene Wiederverhältnisser. All-Weather Pneue musse laut den Hierstellerindikatiounen besser funktionéiere wéi e Standardpneu fir d'M+S-Kennzeechnung ze kréien. Dat gëtt ereecht duerch eng méi mëll Gummismëschung an e speziellt Profil mat méi déiwe Rillen a Lamellen. Fir d'3PMSF Zertifizéierung ze kréien, sinn zousätzlech genormten Tester vum Pneu virgeschriwwen. Et ass net ëmmer sënnvoll an néideg, de strengste Wanterstandard als eenzege Referenzpunkt ze huelen.

Zousätzlech verlaangen d'Wanterkonditioune net automatesch den Asaz vu Pneue mat 3PMSF-Symbol. Et hänkt vun der Regioun, dem Klima an dem individuelle Gebrauch of. Frankräich ass e gutt Beispill, do sinn 3PMSF-Pneue just an de Bierger oder Ski-Gebidder obligatoresch, wärend an der Grenzregioun esouguer keng strikt Wanterpneuen-Pflicht besteet. Sécherheet am Wanter ass net nëmmen eng Fro vum richtege Pneu. Eng defensiv, viraussiichtlech Fuerweis, adaptéiert Geschwindegkeet a genuch Ofstand bleiwe wichteg. Donieft spillt d'Profildéift vum Pneu eng entscheedend Roll. Een ofgenotzten oder ale Pneu souguer mat der 3PMSF-Kennzeechung verléiert och seng Effikassitéit.

Effizient Pneue mat enger M+S-Markéierung si fir d'Konditiounen am Lëtzebuerger Wanter absolut adequat.

**2. Wäert d'Ministesch weider dru festhalen, dass M+S-Pneuen ouni d'Schnéiflackesymbol hei am Land duerginn, trotz der Entwécklung an eisen Nopeschlänner, oder wäert d'Ministesch d'Reegele fir All-Wieder-Pneuen un d'Norme vun eisen Nopeschlänner upassen?**

Aktuell ass kee Grond, d'Reglementer direkt un d'Norme vun eisen Nopeschlänner unzepassen. Am Lëtzebuerger Kontext gëllt: Pneue mat M+S-Marquage bidden eng adequat Leeschtung, déi fir eis klimatesch Konditiounen adequat ass. Et ass wichteg ze widderhuelen, dass eng defensiv Fuerweis, adaptéiert Geschwindegkeet an en konforme Zoustand vum Pneu e wesentlechen Deel zur Sécherheet am Stroosseverkéier am Wanter bäidroen.

Och an eisen Nopeschlänner ass d'Pflicht fir 3PMSF-Pneuen net flächendeckend, mee regional begrenzt, wéi zum Beispill op verschidde Biergregiounen.

Dofir wäert weiderhin eng equilibréiert Approche verfollegt ginn: M+S-Pneue ginn hei am Land als zouverlässeg Alternativ ugesinn, ouni direkt eng verschäerft Norm iwwerhuelen ze mussen, déi net dem lokale Klima entsprécht.

Lëtzebuerg, de 5. Dezember 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes